# Budget 2023 (12.12.2022) – Interventioun vum Nadine Schares

**Salariés /Personal :**

Läscht Joer hunn d'**Gehälter** 17,12% vun de recettes ordinaires ausgemaach. Dëst Joer leien mir bei ??

Vun 2013 un ass d'masse salariale vun 32,21% kontinuéierlech erofgaangen bis op 15,22 % am Joer 2021.

Bei engem Betrib an der Privatwirtschaft sollen se ëm déi 30% leien.

Fir dass d'Bartrenger Gemeng sengen Aufgaben vun enger moderner an virun allem effizienter Gemengeverwaltung kann nokommen däerfen mir net scheien weider Posten ze schafen do wou et noutwendeg ass.

Och wann mir hei héich motivéiert Mataarbechter hunn, däerfen mir hiren Bockel net ze voll lueden.

Wann een d'**Gesamtunzuel vum Personal** kuckt dann läit dat 2022 bei 125 Persounen wat engem équivalent temps plein (ETP) vun 114,16 entsprécht. 2023 sinn mir op 124 Persounen mat engem ETP vun 114,38. Also bleiwen mir am Total identesch.

Wann een do méi an den Detail kucken geet dann gesäit een bei de Fonctionnairen eng Augmentatioun vun 19,75 ETP op 23,5 ETP an bei de Salariés à tâche intellectuelle eng Diminutioun vun 5,78 ETP op 2,75 ETP. Bei den Employés communaux an den Salariés à tâche manuelle bleift den ETP quasi identesch.

Wann een d'Dokument vum Budget fir 2022 vum leschten Joer kuckt dann war geplangt op den 31.12.2022 op 130 Persounen ze kommen wat engem ETP vun 120,33 géif entspriechen. Dës Situatioun hunn mir net op den 31.12.2022 an schéngt och net ugeduecht ze sinn op den 31.12.2023 mat 114,38 ETP (also 124 Persounen).

Mir sinn der Meenung dass een hei nach kéint noleeë wat zu enger Verbesserung vun den Aarbechtsbedingungen kéint bäidroen. D'Ufuerderungen un d'Personal klammen, enger säits duerch de Wuesstem an der Gemeng, anerersäits awer och duerch d'Usprécht vun der Bevëlkerung.

An de leschten Gemengerotssëtzungen stoungen jo scho vill Personalfroen um ordre du jour vun agent municipal, iwwer Fonctionnaire fir RH, an Personal fir SEA, an awer bleift den Total un Personal identesch. An der Kommunikatioun gouf nogerëscht wat en extrem wichtegen Beräich ass fir déi ganz Kommunikatioun vun Gemengebuet, Facebook, Instagram, Homepage an soss Flyeren mateneen ofzestëmmen an drop opzepassen dass all d'Informatiounen och jiddereen erreechen an dass et fir jiddereen verständlech ass.

D'Gemeng kritt vum Staat 53.000 Subventioun pour l'occupation de personnel à capacité de travail réduite. (p.4)

Wéi vill travailleurs handicapés sinn iwwert d'Gemeng agestallt ? Kéint een hei net nach en zousätzlechen Effort maachen ?

Et wier intressant emol en aktuellen Organigramme ze gesinn fir ze wëssen wien sech em wat këmmert an fir wéi eng Beräicher zoustänneg ass. Och d'Bevëlkerung wier bestëmmt drun intresséiert ze gesinn wien déi Leit sinn déi all Dag an hirem Intressi vill schaffen.

Ech wëll dann och op dëser Platz profitéieren am Numm vun der CSV Fraktioun fir jidderengem vum Personal vun der Bartrenger Gemeng Merci ze soen fir hier Aarbecht an hiren Asaz.

**Wunnengsbau:**

Eent vun den Haaptthemen dat de Leit dobaussen Suergen mécht, ass de Wunnengsmaart, mat Präisser déi fir vill Leit scho laang net méi ze bezuelen sinn an fir Leit aus der Mëttelschicht ëmmer méi schwéier ze droen ginn.

Am Budget sinn fir **acquisition de terrain et immeubles** am ganzen 3 Milliounen virgesinn.

Hei muss aktiv agéiert ginn fir wierklech abordabelen Wunnraum kënnen unzebidden.

Den **Pacte Logement 2.0** soll de Wee jo opmaachen fir méi abordabelen Wunnraum ze schafen.

Duerch dëse Pacte Logement krut d'Bartrenger Gemeng 1.106.050 Euro (p.140). Eleng duerch de Projet An Eechels deen iwwert d'oeuvres paroissiales leeft wou sozialen Wunnraum entsteet an an d'Locatioun geet sinn ronn 800.000 Euro rakomm.

Puer Projet wéi an der rue de Dippach oder rue de Mamer sinn ugeduecht.

**Am Wénkel** wou 2 maisons bi-familiales sollen entstoen sinn am Budget 1,5 Milliounen virgesinn, wou ech mech froen op dat realistesch ass an duer geet?

Als Gemeng sinn mir mat an der Verantwortung derfir ze suergen e Maximum ze maachen fir Wunnraum ze schafen vun sozialen bis abordabelen Wunnengen.

**<u>Mobilité douce:</u>**

Den **Veloh System** gëtt erweidert. Dat gouf jo läscht Joer am Budget festgehalen an d'Statiounen sinn am gaangen gebaut ze ginn. Dann wäerten 5 nei Statiounen (3 mat 15 Platzen an 2 mat Platzen) disponibel sinn.

Mir begréissen fir d'mobilité douce méi no bei d'Leit ze bréngen, an d'Quartieren. Wann d'Leit sech nämlech mam Auto bei d'Statiounen mussen beweegen, ass de Sënn a Zweck net erreecht. Och wann fir 2023 keen Budget do virgesinn ass, muss een d'Situatioun am Aen behalen an kucken wéi et mat weideren Quartier an Zukunft wäert sinn.

Net jiddereen benotzt de Veloh System. Vill Leit sinn mat hiren eegenen Vëloen ënnerwee. Och net jiddereen huet doheem d'Méiglechkeet säin Vëlo kënnen ze wäschen an ze flécken.

Eng **Vëloswäschanlag** soll a Planung sinn fir den Duerfzentrum, gouf läscht Joer an der Budgetsdebatt gesot. Wou sinn mir domat drun?

Zousätzlech fir eng **Vëlo-Fléckstatioun** intressant.

An läscht Joer haten mir vun der CSV drop opmierksam gemaach dass och **Bornen fir Elektrovëloen** am Duerfzentrum bedriwwen duerch Solarpanno eng flott Initiativ wier.

Wéi ass et mat der Unzuel un Vëlosstänner am Duerf ?

Bei der Hall Niki Bettendorf sinn se knapp, sou wéi och bei der Schauwebuerg kéint een der virgesinn oder och bei verschiddenen Spillplazen, virun allem deenen méi groussen.

An dann zu eisem Suergekand, de **Vëlosweer**: (p.166) DICI, Regionalforum Zentrum

Et ass e Budget2023 vun 500.000 an e Budget2024 vun 873.000 virgesinn. Dat mécht en Total vun 1.373.000.

Fir Richtung Dippech sinn der ronn 150.000 geplangt.

Fir Leideleng mëttlerweil ronn 1 Millioun.

Lo gëtt scho sou laang vun de Vëlospisten Richtung Dippech an Leideleng-Gare geschwat. Wou sinn mir drun? Wéini ginn déi fäerdeg?

Laut dem Wort vum Januar 2021 soll Enn 2023 ugefaange ginn mat den Aarbechten Richtung Dippech. Steet dat nach ëmmer sou?

Wéi gesäit et mat Leideleng aus?

Ëmmer méi Leit klammen op de Velo, do muss een derhannert bleiwen.

Mir haten als CSV en **Tour gemaach duerch d'Duerf** fir op Schwaachstellen an Problemer hinzeweisen wann een mam Velo ënnerwee ass. Mir hunn dat Dokument ragereecht, fir op deen Wee scho mol vläicht puer Verbesserungen ze erreechen, vun Geforequellen iwwer d'Beschëlderung.

Wat sinn d'Beméiungen vum Schäfferot fir weiderhin eppes ze ënnerhuelen a Richtung **route de Longwy?**

Do muss kënnen iergendwéi eng Verbindung hiergestallt ginn.

Ass all Méiglechkeet a betruecht gezunn ginn?

Och wann d'Propriétairen net wëllen matzéien, ass et net machbar hiren Terrain ze pachten an e Wee ze amenagéieren deen een duerno rëm kann zréckleeë?

Ass eng Etude gemaach ginn iwwer all Méiglechkeeten déi et iergendwou ginn fir besser an déi Richtung ze kommen. Et geet jo net nëmmen em den Akafszentrum, mee och em déi Wunnengen an deem Eck. Do ass eng Velohstatioun an et wier jo flott wann vun där a besseren Ëmstänn kéint profitéiert ginn.

Zur Mobilité douce gehéiert och de **Foussgänger.** (p.42)

Ech begréissen déi Zomme vun 180.000 Euro fir Expertise an etudes iwwer e **séchere** S**choulwee**, e Foussgängerleitsystem an e plan d'intervention d'urgence.

Dat sinn Beräicher fir dran ze investéieren.

Ze kucken dass all d'Kanner egal aus wéi engem Quartier se sech an d'Schoul deplacéieren e sécheren Schoulwee hunn. Wat de Schoulwee fir Foussgänger, Vëlo an Trottinette méi sécher ass, wat vläicht nach méi Leit sech derzou beweegen loossen net den Auto ze huelen fir dann mëtten am Shared Space stoen ze bleiwen fir d'Kanner do raus ze loossen. Dat ass geféierlech fir all déi Kanner déi zu Fouss do ënnerwee sinn an sou mat de geparkten oder Kéiermaachenden Autoen keng fräi Siicht méi hunn.

E **Foussgängerleitsystem** klengt vläicht fir een deen schoun laang zu Bartreng ass als iwwerflëssig Saach. Mee mir hunn zu Bartreng e Wuesstem an der Populatioun an och vill Changementer duerch d'Proximitéit zu der Europaschoul. Sou e Leitsystem wäert villen Leit hëllefen sech am Duerf besser zu Recht ze fannen.

**<u>Spillplazen, places publiques:</u>**

E gewëssen Montant vum Budget gëtt jo ëmmer gebraucht fir Entretien a Botzen vun Spillplazen a Place publique.

Et ass en **Réaménagement** vun der Spillplaz Riedgen virgesinn. Wann sou en Réaménagement gemaach gëtt, fannen ech et wichteg mat den Awunner aus der Ëmgéigend ze schwätzen, fir festzestellen wat Besoine an dem respektive Quartier sinn. Intressant wier et och emol eng Themespillplaz virzegesinn. Eppes wat hei zu Bartreng feelt ass eng Spillplaz fir déi méi grouss Kanner déi d'Erausfuerderung méi sichen a punkto Kloteren.

An dann d'Iddi vun der **inklusiver Spillplaz** net vergiessen fir de ganzen Beräich vun Ufank un sou ze gestalten dass den Terrain fir jiddereen zougänglech ass. Ech sinn frou dass mat der Spillplaz bei den Tennis Terrains en 1.sou Beräich geschafen ginn ass.

Ech géif et flott fannen all eis Spillplazen mol ënnert d'Luppe ze huelen an ze kucken wat een wou kann verbesseren an upassen, Verschiddener sinn scho bëssen an den Alter komm. Dat ganzt mat der Mataarbecht vun den Bewunner aus den jeeweilegen Quartier.

An dann an engems e **Plang / eng Kaart** ze erstellen wou all d'Spillplazen an soss Platzen fir Fräizäitaktivitéiten regroupéiert sinn. Leit déi nei op Bartreng kommen hunn do net den Iwwerbléck.

Och an de **Schoulhäff** sinn Spillplazen déi laut dem Policereglement den Dag iwwer accessibel sinn. Mir haten dat als CSV scho 2 mol rappelléiert, dës Kéier klappt et bestëmmt.

Et wier och flott de Parking an der Kéier am ënnescht Bësch de Belag unzepassen. Do sinn mëttlerweil zimmlech déif Lächer entstanen.

**<u>Fêtes publiques :</u>**

Ech wollt kuerz op d'Ausgaben agoen vun der Kategorie Fête publique.

Am Budget fir 2023 sinn mëttlerweil Ausgaben geplangt vun iwwert 1 Millioun: 1.102.600

Fir der puer opzezielen: (ech fänken bei deen bëllegsten un)

| | | |
|---|---|---|
| Exposition d'art | 4.500 | |
| Soirée culturelle | 5.000 | |
| Soirée de bienvenue | 5.000 | |

| | | |
|---|---|---|
| Zero Waste | 20.000 | |
| MultiCulti | 25.000 | |
| Nationalfeierdag | 25.000 | |
| Familjendag | 30.000 | |
| Wantermaart | 200.000 | 150.000 (2022) |
| Surf in Town | 150.000 | 60.000 (2022) |
| Fête de la musique/Absolut | 390.000 | 200.000 (2022) |

Déi eng soen : Jo zu Bartreng ass eppes lass, dat ass flott.

Anerer soen: et ass iwwerdriwwen.

Et ass gutt, dass eppes lass ass, dass Saachen a Fester organiséiert ginn.

Mee ech soen awer och: bei deenen do Zuelen, dat ass iwwerdriwwen.

150.000 Euro fir en **Surf in Town**, dëst Joer waren der 60.000 virgesinn. Dat ass méi wéi dat duebelt.

Wien profitéiert dovun? Wat bréngt dat der Gemeng Bartreng?

Wéi vill Bartrenger hunn dervun profitéiert?

390.000 Euro fir **Fête de la musique**.

A firwat Alles gratis maachen?

D'Leit sinn och bereet, eng Participatioun ze bezuelen, ob dat ass fir ze surfen, Kannerschminken um Familyday, en Atelier um ZeroWaste oder en Entréesticket fir e Festival.

Firwat beim Absolut net och d'Bartrenger Veräiner mat u Bord huelen, fir d'Vente vun Ticket oder um Site selwer?

D'**Kiermes** hunn ech am Budget net gesinn. Hei wier et zum Beispill vläicht ubruecht de Bartrenger Kanner e Bong zoukommen ze loossen fir op e Spill.

Et wier och flott de **Maart** nach bëssen méi ze puschen fir deen méi attraktiv ze maachen an awer och vläicht zousätzlech rëm op en Fréijoers- an Hierschtmaart ze setzen.

Firwat net am Beräich vun de Fester bëssen aspueren an e Montant zur Verfügung stellen fir ze spenden. De Krich an der Ukrain ass nach net eriwwer. Et feelt hinnen dohannen u Villes.

10 Euro pro Bartrenger Awunner (sou wéi een vun eise Memberen an der Finanzkommissioun proposéiert hat) dat géif d'Bartrenger Gemeng nach gestäipt kréien.

**Verainer:**

Dat mir rëm kënnen Saachen organiséieren an quasi an e normalen Alldag zréckkomm sinn nom COVID, do sinn och besonnesch d'Veräiner frou.

D'Ënnerstëtzung un d'Veräiner duerch de Subside ass extreemst wäertvoll fir gutt kennen ze fonctionéieren. Anersäits ass d'Presenz an den Engagement vun de Veräiner hei zu Bartreng awer och fir d'Gemeng ganz wichteg a wäertvoll. Mir soen als CSV Fraktioun jidfereenzel deen sech an engem Veräin oder soss enger Associatioun engagéiert villmools Merci dass si zu engem aktiven Duerfliewen bäidroen.

Nieft der finanzieller Ënnerstëtzung duerch d'Subsiden ass et wichteg, der Demande vun de Veräiner no anerer administrativer an infrastruktureller Hëllef nozekommen. An och hei ganz vill op d'Kommunikatioun ze setzen, fir ze wëssen, wat de wierklechen Besoin vum Veräin ass an net dat wat d'Gemeng denkt wat gutt ass.